



Claude WISELER
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Här President,

Am Kader vun der Froestonn vum 22 Oktober 2024 wéilt ech dem Minister fir Sport eng mëndlech Fro stellen.

Als Land, als Regierung an och als Chamber sti mir bei sportlechen Evenementer hannert den Athleten déi eist Land verrieden. Bei Victoirë gi mir net midd op alle Kanäl eis Felicitatioune lass ze ginn, bei Néierlage spende mir Trouscht a soe Merci dofir, dass déi betreffend Athleten eis esou gutt vertrueden hunn. Alles an allem si mir stolz op eis Athleten, déi och de Rôle vum informellen Ambassadeur am Kader vum Nation Branding international spille sollen.

Ee vun de genannten Athleten, konkret e Fussballspiller, ass am Mäerz 2024 zu 18 Méint Prisong mat Sursis an enger Geldstrof verurteelt ginn, ënnert anerem well hien seng fréier Partnerin geschloen huet. D'Verhënneren an d'Verurteele vu Gewalt, besonnesch och Gewalt géint Fraen, ass net nëmmen am Härze vun de Mënscherechter, mee och eng politesch Prioritéit vun der aktueller an och vergaange Regierungen.

Mir Pirate verstinn dass e Sportsministère sech net a sportlech Entscheedunge wéi Nominatioune wëll amëschen, an dach gesi mir hei d'Noutwennegkeet dass de Ministère sech kloer positionéiert. Mir kennen net op der enger Säit einfach nokucke wéi de betroffenen Athlet eis d'Land op internationaler Bün vertrëtt, an op der anerer Säit gläichzäiteg soe mir wieren eis vehement géint sämtlech Aarte vu Gewalt géint Fraen.

An deem Zesammenhang wéilt ech dem Minister dës Froe stellen:

Wéi positionéiert sech de Minister an de Sportsministère an dëser Affaire a par Rapport zu dëser Inkohärenz tëschent politesche Wäerter a Prioritéiten an dem Fait dass eng an dësem Kontext verurteelte Persoun eist Land vertrëtt?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc
Deputéierten

